N°6359
Reçue le 16.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n˚6359 vum 15. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT

Ad 1)

International Institutioune si fräi, hir Methoden am Ausschaffen vun hire Lännerrapporten ze wielen. Oft, mee net ëmmer, konsultéiere si dobäi déi national staatlech an net-staatlech Acteuren, déi fir déi Matière, déi am jeeweilege Rapport traitéiert gëtt, kompetent sinn.

Ad 2)

Sou pauschal wéi d'Fro et suggéréiert kann de Suivi vun deene Rapporten, déi ganz heterogen sinn, wat hir Auteuren an hire Contenu ugeet, net déterminéiert ginn. Au cas par cas setzen déi zoustänneg Ministèren a le cas échéant och de Regierungsrot sech mat hire Conclusiounen auserneen a loossen se an hir Aarbecht afléissen. An der Reegel si Rapporten vun internationalen Institutiounen ëffentlech fir jiddereen accessibel.

Lëtzebuerg, den 16. Juni 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL